Aus dem Liewen erzielt

Dem Bim Diederich seng Erënnerungen




# De Vëlo ass mäi Liewen

opgeschriwwe vum Emil Angel




Editioun Service RBS/ENPP



◄ Déi Zäit ass de Bim nach net emol um Dräirad gefuer



► D'Famill Diederich, niewent dem Bim, seng Sëschter Susanne a säi Brudder Néckel

▼ An der Primärschoul zu Zolver beim Schoulmeeschter Goergen



# Yohimbine Glenwood


(Yohimbinhydrochlorid)

**Zusammensetzung :**
Yohimbin. hydrochlorid. 2 mg - Lactos. - Acac.gum. - Sacchar. - Magnes. stearas. - Natr. indigotinosulfonas pro compr. uno - Sacchar. - Talc. - Titan. oxyd. - Acac. gum. - Natr. indigotinodisulfonas - Acid. ping. mono, di et triglycerid. obducto.

**Angezeigt bei :**
Impotenz des Mannes, unter anderem bei psychischen Ursachen.
Diese Behandlung sollte zu einer Gesamtheit von ärztlich empfohlenen Maßnahmen gehören.

**Anwendung : Wie und wieviel ?**
Vor einem erwachsenen Mann sind im allgemeinen 8 bis 10 Dragées pro Tag, auf dreimal verteilt mit einem Glas Wasser zwischen den Mahlzeiten einzunehmen.
Die Wirkung von Yohimbin kann erst nach eines Verabreichung über 2 bis 3 Wochen beurteilt werden.

▼ Och dem Bim säin Dram zur Zäit vun der Margarines-Fabréck?





◄ Bei Diederichs treffe sech déi Péitenger Vëlosfans

▼ Fir Course ze fueren hues de eng „Mitgliedskarte“ gebraucht



Name: Diederich Johann

geboren am: 20/2/22 in: Esch Alzig.

Eintritt in einem NSRL.-Verein am: 1-10-40

| | | | |
|---|---|---|---|
| NSRL.-Beitragsmarke 1. Halbjahr | NSRL.-Beitragsmarke 1. Halbjahr | NSRL.-Beitragsmarke 1. Halbjahr | NSRL.-Beitragsmarke 1. Halbjahr |
| NSRL.-Beitragsmarke 2. Halbjahr | NSRL.-Beitragsmarke 2. Halbjahr | NSRL.-Beitragsmarke 2. Halbjahr | NSRL.-Beitragsmarke 2. Halbjahr |
| NSRL.-Beitragsmarke 1. Halbjahr | NSRL.-Beitragsmarke 1. Halbjahr | NSRL.-Beitragsmarke 1. Halbjahr | NSRL.-Beitragsmarke 1. Halbjahr |
| NSRL.-Beitragsmarke 2. Halbjahr | NSRL.-Beitragsmarke 2. Halbjahr | NSRL.-Beitragsmarke 2. Halbjahr | NSRL.-Beitragsmarke 2. Halbjahr |

S. 100. 7. 40.

Bereich: Radfahren Bezirk: Esch Alzig

Bescheinigung

Nebenstehendes Lichtbild stellt den Inhaber dieses Ausweises dar und ist von ihm eigenhändig unterschrieben.

Der Eintritt erfolgte am

Petingen (Ort)

den 1-9 19

Name des Vereins: Radfahrer Verein

Unterschrift des Vereinsführers:

Diederich (Eigenhändige Unterschrift)

Name: Diederich Johann

Wohnort: Petingen

Wohnung: Gartenstrasse N: 49

geboren am: 20/2/22 in: Esch Alzig.

Dieser Mitgliedsausweis darf nur dann als gültig anerkannt werden, wenn die Personalien in allen Teilen restlos ausgefüllt sind und keine nachträglichen Änderungen aufweisen, außerdem die fällig gewesenen Beitragsmarken eingeklebt wurden. Ungültige Ausweise sind einzuziehen und dem nächsten Amtsträger des NSRL. zuzusenden.

## Scho virum Krich …

Ech sinn, ewéi gesot, 1937 an de Péitenger Vëlosclub komm, an néngandrësseg sinn ech op der Clubmeeschterschaft matgefuer. Et war den 23. Mäerz. Et ass all Joer mat der Clubmeeschterschaft ugaangen. Dat war meng éischt offiziell Course. Do war de Fischesch Vuckes hei aus de Kasären derbäi, an de Seylesch Jhang vun Nidderkuer – dee war zu Péiteng am Club –, an déi zwee hu mech gewichst. Déi zwee ware schonn Débutants, an ech war nach Cadet. Fir dat Joer erënneren ech mech och nach un eng Kiermescourse hei vir an der Belsch. Et war zu Saint-Léger. Mär si mam Vëlo dohinne gefuer. Ech war den 8. ginn, an ech hat eng Prime vun 10 Frang kritt. No der Course si mär een huele gaangen, an dunn huet de Wiert keng Lëtzebuerger Sue geholl. Meng Prime ass just duergaange fir d'Tournée ze bezuelen. Mär waren zu aacht, an den Humpen huet 1 Frang a 5 Sous kascht.

Néngandrësseg sinn ech och de Critérium des Jeunes gefuer. Du hat ech grad meng Lizenz kritt, mat 17 Joer. Den Départ war zu Esch. Du sinn ech fir d'éischt emol mam Vëlo op Esch gefuer: de Rucksak um Réck an d'Knickerbox un. Déi Zäit hate mär ëmmer d'Knickerbox un, an dann d'Course-Box ënnendrënner, an dann hues de déi ausgedon, an de Rucksak geluegt a lass. Et ass vun Esch op Ettelbréck gaangen. An de Buerschenterbierg war schonn dran. Als Bouf vu siwenzéng Joer, de Buerschenterbierg dorobber! An owes vun Ettelbréck mam Vëlo erëm heem. Du koume mär op Holzem. Et huet gereent, ewéi e Schwäin. De Bintnesch Néckel war derbäi, an de Schmatten Albert. Du wosst op eemol kee méi de Wee. Et war däischter Nuecht. A keng Lut um Vëlo an näischt! Déi Zäit ass dat alles gaangen. Op eemol sot de Bintnesch Néckel: ‚Elo weess ech, wouhin et geet.' Du rennt dee mat eis op de Wandhaff. Um halwer zwielef ware mär doheem. An ech hat 165 Kilometer an de Been. Et waren deen Dag 109 Mann um Départ, an ech war de 47. ginn, awer de 4. vun de Cadets. Dat Joer duerno, véierzeg, huet et am Buerschenterbierg geschneit. Du has

d'Fangeren esou kal, dass de hues misse vum Vëlo klamme fir eppes z'iessen. Et sinn nëmmen 28 Leit op der Arrivée ukomm. Déi aner haten all opgehalen. Ech war den 22. ginn.

Och am Ufank vum Krich, sinn ech nach hei am Land gefuer. Wéi d'Preisen hei agefall waren, sinn et eng Zäitlaang keng Coursë ginn, an du, eenavéierzeg, hu se erëm ugefaangen, de Sport ze organiséieren Et war och dat Joer, wéi ech ech meng éischt Course gewonnen hunn. Dat war zu Bartreng. Ech sinn och nach den Tour de Lëtzebuerg hei matgefuer. „Rundum Luxemburg" huet den Tour deemools geheescht. Den Didiers Chrëscht huet eng Kéier gewonnen, an dann den Neuens. Ech hunn dat alles do ënne leien a menger Sammlung.

D'Zeitung, de „Lëtzebuerger Sport", ass ërem komm, natierlech hu si geschriwwen, wat hinnen an de Krom gepasst huet. Du hunn och keng franséisch Wierder, ewéi „Cadet" oder „Débutant", méi däerfe gebraucht ginn. Du waars entweder „Amateur A" oder „Amateur B". Ech sinn déi Zäit scho gutt gefuer. Ech war emol den éischten, emol den zweeten. Och hei zu Péiteng hat ech eng Course gewonnen. An zweeavéierzeg am 'Rundum Luxemburg' war ech de fënneften am Generalklassement. Op den Dag vun der zweeter Etapp hat ech de Stellungsbefehl kritt fir an den Arbeitsdienst. Du war Feierowend!

## „Arbeitsmann Diederich, Sie bestreiten die deutsche Meisterschaft!"

Ech war dräi Méint zu Ernzen, direkt hei vir, déi Säit der Grenz. Do ass meng Ausbildung fir den Arbeitsdienst gewiescht. An du si mär op Hänigsen-Burgdorf komm, bei Hannover. Do war ech am längsten. Mär hunn an enger aler Salzgrouf geschafft. Do hu mär Granate gemeet. Mär si mueres um sechs Auer eragefuer, bal 700 Meter ënnert de Buedem. Dann hu mär eis ausgedon, well mär hu 'mit nacktem Oberkörper' geschafft. Et waren 30 Grad dobannen.

D'Granate sinn da gerullt komm, ech hunn d'Cartouchen hannen eragedréckt, eng kleng Schraifchen ugemeet a se viruginn. An hanneru mär waren déi aner, déi se a Këschten agepaakt hunn. Da si se an de Lift gaangen an eraus. Do hu mär dann aacht Stonne gebrummt. Mär hu just e Stéck Kammëssbrout kritt, an dann e Stéck Kümmelkéis. Du hues richtegen Honger gelidden. Et war net, dass e jonge Kärel do fett gi wier! Wa mär um zwou Auer aus der Salzgrouf erauskomm sinn, da si mär nach d'Dreckskëschte kontrolléiere gaangen, ob keng 'Pellkartoffeln' dra wieren, déi déi Krank kritt haten. Mär hunn alt ëmmer zu deene gesot: „Versuergt eis se!" Oder mär hunn emol nach eng „Salzgurke" fonnt, an dann do era gebass. Wa mär net heiansdo e Pak kritt hätte vun doheem, da wiere mär wierklech erhingert.

Eng Kéier Owes heescht et: „Arbeitsmann Diederich, sich zum Rapport melden beim Oberfeldmeister." Ech kann engem soen, mär ass de Wapp gaangen. Wéi ech erakomm sinn, sutz deen do a senge Paperassen ze wullen. „Sie sind Radrennfahrer?" – „Jawohl, Herr Oberfeldmeister, war ich." – En huet erëm gebliedert: „Und schon drei Monate Arbeitsmann." An du seet en: „Arbeitsmann Diederich, Sie sollen die deutsche Meisterschaft in Saarbrücken bestreiten." Du hat deen e Bréif kritt, ob et méiglech wier, dass ech fräi kréich, fir déi däitsch Meeschterschaft ze fueren. Ech wosst vun näischt eppes. De Löwe Gust vum Dummeldenger Vëlosclub hat u mech geduecht, an du hat deen de Bréif geschriwwen. Dat war e fäine Mann de Löwe Gust.

Ech war bal op den Hënneschte gefall, wéi ech dat gewuer si ginn. „Ja, gerne!" sot ech, „ ich hab' aber kein Training." An hannendrop sot ech: „Und ich hab' kein Fahrrad." – „Fahrräder haben wir genug im Schuppen, und gleich morgen fahren Sie los!"

Du hunn ech esou e preiseschen Tacot kritt, mat engem Torpedo drun. Eng „Dreigang-Nabe" huet dat geheescht, do waren dräi Vitessen an der hënneschter Achs an och nach de „Rücktritt". A fir déi viischt Brems hues de un engem stolen Hiewel gezunn, an dann ass vir





esou e breeden Déngen mat engem Gummi drop – ee Porte-Patin huet dat geheescht – erof op de Pneu gaangen. Ech hat där Vëloen nach heiheem, a wéi se eng Kéier gesammelt hu fir een afrikanescht Land, du hat ech se ewechginn.

„Morgen fahren Sie los“, huet den Oberfeldmeister gesot, an du konnt ech goen. An deen aneren Dag, wéi ech sollt fueren, duecht ech: „Tjëfft, du hues näischt am Bauch, du kanns net wäit fueren.“ Wéi scho gesot, mär hunn eis net sat z’iesse kritt am Lager. Du sinn ech zwanzeg Kilometer gefuer, an ënnerwee hunn ech schonn déi éischt Schwächt kritt. Du ginn ech bei Leit eng Kuuscht fechten. Se hate mär eng gutt Botterschmier gemeet. Du ass et erëm gaangen. No e puer Deeg sinn ech dem Oberfeldmeister an d’Gräpp gelaf.

„Na, Arbeitsmann Diederich, wie steht’s?“
Ech sot: „Wenn man so eine Ehre hat, dann muss man sich dran geben. Aber gestern war mir was passiert.“
„Was denn?“
„Der Mann mit dem Hammer war mir begegnet.“
Du wousst deen net, wat dat wier. Ech sot: „Das ist, wenn man vor Hunger eine Schwäche bekommt.“
„Dann bekommen Sie ab jetzt jeden Tag zwei Butterbrote mehr.“

Ech muss soen, dee Mann war ganz fäi mat mär. En huet mech nach e puer Deeg renne gelooss, an du sinn ech erëm geruff ginn.

„Arbeitsmann Diederich,“ sot en, „jetzt können Sie nach Hause fahren, um mit ihren Freunden zu trainieren und mit Ihrem eigenen Fahrrad. Ich weiß, dass Sie nicht gewinnen können, aber legen Sie unserm Lager jede Ehre ein. Es genügt mir, dass Sie ankommen.“

An ech d’Talécken zesummegeschloen an eraus. Ech sinn op den Zuch gelaf, du heem, an all Dag mam Meyerse Rosch hei vun

Uewerkäerjeng trainéiere gaangen. Dat war deemools dee beschten Amateur-A, dee mär haten. Et war e gudde Frënd. An da war nach de Kassens Heng. Mat deene sinn ech gerannt, well déi zwee och mat op Saarbrécke gaange sinn.

A Sonndes war d'Course. Ech sinn am Ufank ganz gutt gaangen, ech war esouguer an enger Echappée derbäi. Et ware wäit an déi achtzeg Kilometer. Ech hunn dat alles, schéin dokumentéiert, do ënnen a mengen Archivë leien. Op eemol matten an der Course ass et net méi gaangen. Du war ee vu Käl bei mär, deen hat Pernod bei sech. Ech hunn e wéineg Pernod mat Waasser gedronk, du war ech erëm fit. Ech sinn de 45. vun achtzeg ginn.

A wéi ech do uewen hi komm sinn, op Hannover, du war den Oberfeldmeister ausser sech. En huet gejaut: „Das ist ein Held, das ist ein Mann, den kann man in die Welt schicken. Der kommt zurück und hat eine Leistung vollbracht."

Zum Schluss vum Arbeitsdienst koum ech nach an den „Ernteeinsatz" op en Duerf bei Nürnberg. Do, beim Bauer, hunn ech mech mol erëm sat z'iesse kritt. Et gouf ëmmer Bayerische Klöße.

Domadden hat ech meng Zäit Arbeitsdienst hanneru mär, an ech konnt heemgoen. Mä net fir laang!

# Sportblatt

**Amtliches Mitteilungsblatt**
des Generalbeauftragten für sämtliche Sportorganisationen,
der Luxemburger Turn- und Sportvereine, der Hitler-Jugend
und des Sportamtes der NS-Gemeinschaft KDF — Ruf: 57-77
Druck und Verlag: Fr. BOURG-BOURGER, Alte Bahnhofstrasse 40, Luxemburg

Hauptschriftleiter: PETER KELLNER
Michel Welterstrasse 31
POSTFACH 105 Luxemburg
POSTSCHECK Nr. 61-22

Bezugspreis:
Monatlich **50** Rpf.
Einzelpreis **20** Rpf.

Nummer 5 | Luxemburg, den 3. Juli 1941 | Erscheint jeden Donnerstag


## Nikolaus Wiget - Erinnerungsrennen

### Am Sonntag, 6. Juli in Bartringen:

### Radrennen für Amateure (B) u. Altersfahrer

Der Radfahrer-Verein Bartringen ehrt mit der Veranstaltung vom nächsten Sonntag seinen leider zu früh verstorbenen Vereinsführer Nikolaus Wiget, der ein Radsportanhänger von echtem Schrott und Korn war und der Jahrzehnte hindurch ein eifriger Mitarbeiter des Luxemburger Radsportverbandes war. Auch bei der Neugestaltung des Radwanderfahrens sprang Nik. Wiget in die Bresche und setzte sich allemal voll und ganz ein, bis ihn der Tod aus unserer Mitte riß.

—::—

Nachfolger des Bartringer Vereinsführers wurde Kamerad Lorenz Weber, der für den kommenden Sonntag mit einer einzigartigen Veranstaltung für die Radsportler aufwartet. Zum ersten Male starten unsere B-Fahrer unter sich und haben die Gelegenheit, das Rennen nach ihren Kräften einzuteilen. 112 Klm. ist für die jüngeren Fahrer allerdings kein Pappenstiel und man frägt sich, wie die Diederich, Klopp, Didier, Schumacher, Ernzer, Arend, Seyler, Koch, Lamesch, Raymond und Konsorten diese schwere Aufgabe lösen werden. Es wird sich zeigen, ob die B-Fahrer im Verein mit den A-Fahrern Schule gemacht haben und mit Erfolg bestehen. Zu Favoriten stempeln wir Seyler, Diederich, Klopp, Ernzer und Lamesch.

Neben den B-Fahrern starten auch erstmalig unsere Altersfahrer. Die Strecke für die früheren Veteranen führt über 90 Klm. und ist für die „Herren" reichlich bemessen. Wer bei diesen Fahrern an den Start geht, entzieht sich unserer Kenntnis. Landesmeister Schumacher und sein Vorgänger J. Goedert dürften nicht mitmachen. Ein intensives Training haben jedoch bestimmt J. Ferrari, der Leiter der Altersfahrer Moritz Delloye und Dr. Josef Treinen hinter sich, die am Sonntag nach bestem Können ihre frühere Klasse weiterhin unter Beweis stellen dürften.

Nachstehend die zu befahrende Strecke: Bartringen, Dippach, Garnich, Windhof, Kapellen, Mamer, Straßen, Bartringen: 28 Klm. Diese Strecke ist von den B-Fahrern 4mal (112 Klm.) und von den Altersfahrern 3mal (84 Klm.) zurückzulegen. Start für die Letzteren um 3 Uhr, derjenige für die Amateure B um 3,15 Uhr. Die Siegerehrung erfolgt eine Stunde nach dem Rennen im Vereinslokal.


**Aldo.**






▲ 1941: Vainqueur vun der Course „Nik. Wiget“ zu Bartreng

◄ 1939: No enger Course zu Péiteng, niewent dem Bim de „Gubra“ alias Gust. Brandenburger



mit eigenhändiger Unterschrift
(Vor- u. Familienname in Tinte)

Familienname
Diederich

Vornamen
Johann

Geburtsdatum
20.2.1922

Geburtsort und Kreis
Bech/Alzig

hat im
Reichsarbeitsdienst
Dienst geleistet.

Dienstlaufbahn

Eingestellt als Arbeitsmann bei N. K4/286
mit RAD-St.-Rollen-Nr. 1299 am 18.4.1942

| RAD-Stammrollen-Nr. | Datum | Vorgang |
|---|---|---|
| 1299 | 10.5.42 | Auf den Führer vereidigt |
| | 18.4.42 im besonderen Einsatz im Gebiet des Westwalls im Rahmen des Heeres bis 5.6.42 | |
| | 6.6.42 im besonderen Einsatz im Rahmen des Heeres im Heimatgebiet bis 24.9.42 | |
| K4/286/1299 | 24.9.42 | Entlassen als (Dienstgrad) Ern. |

Abkürzungen im Rasterfeld: „B" = befördert, „Ern" = ernannt, „K" = kommandiert, „V" = versetzt.


Eignung:

Besonderes:

Entlassendes RAD-Meldeamt

▲ Den „Ausweis“ vum „Reichsarbeitsdienst“

▼ 1942: Am „Arbeitsdienst“, op Besuch de Cubas-Will mat der Freiesch





▲ Dräi Péitenger am „Arbeitsdienst“ zu Ernzen (R. Engel, B. Diederich, J. Morth)



## Berittener Feldfernsprecher …

Well du koum d'Wehrmacht: vum August zweeavéierzeg bis de 6. Dezember dräiavéierzeg, wéi ech desertéiert hunn. Mär sinn op Ostrolenka a Polen komm. „Scharfenwiese" huet dat op däitsch geheescht. Dat war un der russescher Grenz. Dat ware schro Zäiten, am Wanter drësseg Grad ënner Null.

Ech hat eng Kéier Urlaub kritt. Du koum ech heem, an du sinn ech iewer erëm hannescht gaangen, well nach näischt geklappt huet, fir mech ze verstoppen. Mä wat hat ech eng Chance! Wéi ech op Ostrolenka zréck komm sinn, du ware meng Kollegen all un d'Ostfront verluegt ginn, op Stalingrad. Vun deenen ass kee méi erëm komm. Zu mär hu se gesot, ech misst op Stablak an Ostpreußen. Do ass eng nei Arméi forméiert ginn. Du hat ech erëm lauter friem Leit bei mär. Ech war als Feldfernsprecher bei der „Bespannter Artillerie". D'Kanoune sinn nach vu Päerd gezu ginn. Sechs Päerd hu se gebraucht fir eng Kanoun. An ech war „Berittener Feldfernsprecher". Ech hätt misse mam Päerd duerch d'Bëscher vun der Artillerie bis bei d'Infanterie hin an hier rennen. Mär wieren zu zwee gewiescht. Deen aneren hat d'Bobine, fir d'Telefonskabelen ze leeën. Dat wier keng kammoud gewiescht! Wann ech eng Kéier an den Asaz komm wier, hätten d'Partisanen an de Bëscher mech ëmgeluegt.

## „Kanonier Diederich, von nun an sind Sie meine Ordonnanz!"

An dunn hunn am Westen d'Amerikaner an d'Englänner ugefaangen erafzesprangen. Du si mär an d'Frankräich verluegt ginn, op Arras. A wéi mär do ausgeluede si ginn, du seet den Oberleutnant zu mär: „Kanonier, Diederich, Sie können doch französisch?"

„Jawohl, Herr Oberleutnant."

„Dann sind Sie von nun an meine Ordonnanz."

Du war ech fäin eraus. Ech hu mech dunn direkt druginn, fir mech mat mengem Franséisch net ze blaméieren. Ech hu mär en Dictionnaire kaaft an nach e wéineg do dra geléiert. Well ech hu jo misse bei d'Leit allerhand kafe goen, och fir hien, den Oberleutnant. Ech war jo seng Ordonnanz. Ech hu säi Bett misse maachen, ech hu säi Päerd misse botzen, jee alles, seng Wäsch fortdroen. Dat hunn ech alles misse maachen. An dann, wa mär op een Zuch verluede si ginn, wann et weider gaangen ass, dann hunn ech misse bei e Schräiner goen oder bei e Woner, deen eis Cale gemeet huet, déi mär ënnert d'Kanoune geluegt hunn, fir dass se net vum Waggon erofgerullt sinn. Ech hu jo all déi Fachausdréck misse kennen.

Zu Arras ware mär nëmmen e puer Deeg, du si mär an d'Bretagne komm, bei Quimper. Ech war déi ganzen Zäit e fräie Mënsch. Ech hat ëmmer mäi Lëtzebuerger Pass an der Täsch, an ech hu meng Pättercher Cidre gedronk. Jee, ech hunn do wuertwiertlech gelieft, ewéi Gott a Frankräich. De Chef, deen den Drill ofgehalen huet, sot zu mär: „Na, Kanonier Diederich, wann sehen wir Sie wieder einmal beim Dienst?“

Ech sot: „Da müssen Sie den Herrn Oberleutnant fragen.“

Am Summer 1943 si mär a Südfrankräich verluegt ginn. Dat war well an Italien d'Lompen ugefaangen hunn ze sténken: Se haten de Mussolini ofgesat, an de Badoglio hat wëlles mam Krich opzehalen. Mär si mam Zuch dorower bis op Saint-Jean-de-Maurienne gefuer. Dat läit an engem schéinen Dall, direkt un der Grenz zu Italien. Ech hunn do misse fir de Quartéier bei Privatleit suergen. Dat war och eng Missioun, déi ech net gären hat. Ech hunn ëmmer um Späicher geschlof, am selwechten Haus ewéi mäi Chef, den Oberleutnant. Hien hat natierlech dat beschten Zëmmer aus dem Haus.

Dunn hunn ech eng Kéier de Buergermeeschter vum Duerf gefrot: „Il n'y a pas de Luxembourgeois chez vous?“

„Mais si, là-bas près du passage à niveau."

Du waren et och nach Péitenger. Ech hu geschellt, a wéi se d'Dier opgemaach hunn, stung ech do an der preisescher Uniform, mam Gewier um Réck. Wat waren déi erféiert! Ech hu gesot: „Ech dinn iech näischt, ech sinn och Lëtzebuerger."

Du hu se mech erkannt: „O, neen! Dat ass dach de Bim!"

D'Welt war déi Zäit scho kleng. Hire Jong hunn ech elo d'lescht Joer (2002) begéint, wéi den Tour de France duerch d'Land komm ass. Mär hu mam Auto do gehalen, fir d'Course ze kucken. Du huet dee mech ugeried. Hien ass Professer, grad ewéi säi Papp. Ech hunn en net kannt. Deemools am Frankräich muss dat nach e Puppelche gewiescht sinn, wann en iwwerhaapt schonn op der Welt war.

## „Per noi, la guerra!"

Du si mär an Italien gaangen, op Alessandria. De Coppi ass do aus der Géigend. Mä ech hat déi Zäit aner Suergen, ewéi nom Coppi ze kucken. Elo huet alles missen op italiéinesch goen. Ech hunn et do geléiert. Ech hunn nach haut meng Dictionnairen, och e spueneschen. Wann ech anzwousch ginn, dann hunn ech en ëmmer bei mär. Ech hu meng Dictionnairen nach allegueren do leien.

Eng Kéier owes, wéi ech Waasser gezunn hu fir d'Päerd, huet d'Fra aus dem Haus, déi mech scho kannt huet, zu mär gesot: „Pace." Du sot ech: „Per voi, ma per noi, la guerra!" An esou war et. Kaum gesot, ass d'Päif gaangen: „Von nun an ist Italien unser größter Feind. Ab Morgengrauen wird alles, was die Hände nicht erhebt, erschossen." Dat war ufanks September 1943. D'Italiéiner hate grad de Waffenstillstand mat den Alliéierten ënnerschriwwen.

Déi nächst Deeg hu mär misse Gefaangener iwwerwaachen. Déi haten d'Rucksäck esou voller Friesses, a mär haten näischt. Du hunn ech gesot: „Da me a mangiare."

Du hunn déi eis z'iesse ginn, an ech sot: „Scappa via! Maacht iech ewech! Elo ass de Moment nach do. Well wa mär iech elo dorower an den Dall bréngen, da gitt der Prisonnéier. D'Zich sti prett do ënnen, fir fort an Däitschland, an d'Gefaangenschaft." Do waren der, déi hunn hire Courage geholl, an hopp, de Rampli erof an de Bësch, a fort. Déi aner hu gefaart. Ech konnt hinne jo iewer och net fléiwen, soss wier ech herno deen Domme gewiescht.

An du ware mär nach eppes dräi Méint zu Genua, an op eemol huet et geheescht, mär génge fort kommen, mä et ass net gesot ginn, wouhin. Mär ass de Wapp gaangen, ech duecht:

„Elo geet et a Russland."

Ech sinn ënnerwee alt aus dem Zuch geklommen, an dann hunn ech de Machinist gefrot. Dee wousst och net méi. Et ass alles därmoosse geheim gehale ginn. Ech hunn nuets net méi geschlof, an ech hunn d'Landkaart studéiert. Mär sinn no Norde gefuer, an du hunn ech gemengt, mär géifen eis iewer méi no lénks halen. Du konnt et net méi gutt a Russland goen. Du si mär op Hamburg komm, zu Flensburg iwwert d'Grenz gefuer, an zu gudder Lescht ware mär an Dänemark. Do sollt erëm alles nei forméiert ginn. An du, no engem Mount, seet mäin Oberleutnant zu mär:

„Kanonier Diederich, ich fahre jetzt in Urlaub. Das möchten Sie doch bestimmt auch!"

Ech sot: „Warum nicht?"

Du huet e mär och Urlaub ginn.

Scharfenwiese den 26. 12. 1941.

Geehrter Herr Weis!

Nun sind die schönen Weihnachtstage
gekommen, die wir jedes Jahr so freudig zu
Hause gefeiert hatten. Hier aber hat man keine
Freude mehr, sondern man verlebt nur mehr
traurige Stunden. Unsere Weihnachtsfeier hatten wir
am 25 Dezember. Es waren ein paar lustige Stunden.
Die Batterie hatte 2 Schweine für 70 Mann geschlachtet
Jeder bekam einen anständigen Brocken. Branntwein
Wein, und Bier gab es auch genug, dieses Zeug konnte
mir aber keine Freude machen. Viel lieber wäre ich einen
Rennen auf den Rollen gefahren, wie der Verein Petingen
morgen. Ich hatte Becker Misch in einem Schreiben gefragt
ob nicht etwa ein Rennen für Weihnachten stattfinden
würde, denn ich würde dann, in dem Fall 5 Tage Urlaub
bekommen. Ich erhielt ~~(das)~~ ein Schreiben von ihm daß
am 24 Dez. ein Rennen in Esch sei. Ich legte meinem Chef
es vor, aber es war zu spät, ~~(er hatte)~~ Alle Urlaubsscheine
waren ausgestellt. Wieder einmal Pech, sonst wäre ich
bestimmt auf Urlaub gekommen, und hätte das Roll=
rennen können mitfahren. Wenn es auch nicht viel
geworden wäre, aber es wäre trotzdem gegangen durch
meine Energie.
Nun sitze ich schon die 3 Tage hier ~~in~~ der Kaserne
schreibe und schlafe, und denke immer an die schöne Zeit
die nun vergangen ist. Es war eine Zeit, die wir sobald nicht
mehr erleben werden. Ich wäre noch wieder zufrieden
wenn ich im Frühjahr an allen Straßenrennen teilnehmen
könnte. Ich werde auf jeden Fall alles versuchen. Hätte
ich nur irgendwo die Möglichkeit ~~inge~~ bei Küstenartillerie
oder mot. Flak zu kommen, dann hätte ich bestimmt
alle Aussichten.

Ich hoffe immer noch das Beste.
Letzte Woche habe ich einen Brief von dem Vereinskamerad Benk bekommen. Er hat mir alles neue vom Sports und der Heimat erzählt. Ich freue mich immer sehr, viele Sportnachrichten zu bekommen.


Ich will mein Schreiben nun schließen, und Euch, sowie allen anderen Sportskameraden herzlich grüßen und einem jeden ein recht herzliches

Neues Jahr wünschen

Ich wünsche dem Verein alles Gute und große Erfolge auf den Rollschrenrennen.

Johann.





◄ De „Kanonier" Johann Diederich

▲ ... och als „Berittener Feldfernsprecher"

## Vun enger Stopp an déi aner …

Dat war op Niklosdag dräiavéierzeg. Nom Congé sinn ech net méi hannescht gaangen. E puer Deeg war ech zu Déifferdeng. Do wou d'Bréck war, wann ee vun Nidderkuer erop op Déifferdeng kënnt. Do war ee Blummegeschäft. Losselong hunn d'Leit sech geschriwwen. Dem Jong seng Fra ass elo kuerz gestuerwen. Ech hat eng Käertche geschéckt.

De Metzler Bürger vu Péiteng, dem Bürgesch René säi Papp, ass du mat mär op Esch bei den Cigrang gefuer, dee fréieren Autoscoureur a Garagist. Mär waren zu eiser dräi fir verstoppt ze ginn. Mär ware vläicht zwou, dräi Wochen zu Esch, dunn ufanks véieravéierzeg huet et op eemol geheescht, mär missten eraus, d'Gestapo kéim. A wou leefst de elo hin? Ech hat Famill zu Esch. Du sinn ech dann an de Park dorobber bei meng Kusinn schelle gaangen. An du huet déi gesot: „Jäng, du méchs eis onglécklech. Du bass Deserteur." Ech sot: „Looss mech nëmmen elo eran. Den Owend fueren ech erëm zréck op Déifferdeng, vu wou ech fortgaange sinn!"

Du sinn ech owes um zéng Auer op den Tram stoe gaangen, wéi d'Aarbechter vun der d'Schicht komm sinn. Ech hat mär dat esou ausgerechent. Ech hat den Hutt an de Kapp gezunn an ech war op alles gefaasst. Wann et mech gi wier, da wier et mech ebe ginn. Dat ass esou am Liewen! Zu Déifferdeng war ech just e puer Deeg. Du ass gesot ginn, ech kéim a Südfrankräich; mä du waren déi Zäit e puer Passeuren erwëscht ginn, a wéi et fäerdeg war, hunn ech missen heibleiwen. An du hung ech do, an dunn hu se mech gefrot: „Weess du net, wou mär dech kënnte placéieren?" Ech sot: „Da gitt emol op Péiteng bei d'Famill Dosser froen." Du waren déi d'accord, fir mech ze huelen. Hire Jéngsten, de Martin, war e gudde Frënd vu mär. Dee Jong hat Pech. Am Arbeitsdienst ware longekrank ginn. Du koum en nach an d'Schwäiz an e Sanatorium, an du ass en do gestuerwen. Mat 24 Joer!

Dossesch hunn op der Lëtzebuerger Strooss gewunnt. ‚A Spatzen' huet d'Haus geheescht. Si haten aacht Kanner. Déi sinn alt heemkomm bei d'Mamm, wa se mol e Familljefest haten. Duerfir hat ech mär e Lach am Trapenhaus erausgebuddelt. Ech hat et schéin eraus-geschnidden an en Deckel gemeet. D'Gestengs hunn ech nuets an de Gaart erausgedron. Wann d'Kanner da komm sinn, da sutz ech dee ganzen Dag do an deem Lach. Do war hire Pier. Deen huet an der Stad am Schluechthaus geschafft. Wann dee komm ass, dann ass en d'Trapen op de Späicher eropgaangen. Do hate se Hee leie fir d'Kanéngercher. Dann ass deen uewen am Hee gesprongen: „H... Bim! Gees de eraus do!" Se haten all eng Anung, dass ech do wier. Se hu mech iewer ni fonnt. Haut laacht een driwwer, mä fir mech war et eng sauer Zäit deemools. Ech kann engem et soen.

Op der Lëtzebuerger Strooss ass haut alles ëmgebaut. Do war ëmmer nach ee Stall niewendrun, a méi wäit dorobber, war de Café „Cuba". De Cubas Will war e gudde Kolleg vu mär. Ech weess net, ob en nach lieft. Wéi seng Fra dout war, hat hien zu Palma eng Franséisin kenne-geléiert, an dunn ass e mat där op Paräis gaangen. De Will war ganz begeeschtert fir de Vëlossport. En ass nom Krich ëmmer mam Auto mat mär op d'Course gefuer. Säi Papp war grad esou verréckt fir de Vëlossport.

Zu Péiteng war ech aacht Méint verstoppt, bis den 9. September véieravéierzeg. Dunn ass Péiteng jo befreit ginn, als éischt Uertschaft vum Land. Deen Dag, ech ka mech erënneren, sutz ech bei der Fënster. Ech hunn d'Preise gesi laanscht fueren. Mat Busse si se komm, vu Paräis, alles nëmme fort. Heim ins Reich! Ech hunn iwwerluegt, ob ech kënnt eraus goen. Ech hu mär gesot, wa se erëm kommen, dann op de Vëlo a séier an d'Belsch, bei d'Famill. Op deem klengen Duerf hätte se mech net esou séier fonnt.

A wéi ech mech erausgetraut hunn, du hunn ech dee Misär op der Mille gesinn. Ech mengen deen Amerikaner, deen a sengem

Spähwon ëm d'Liewe komm ass. Ech war deen éischten Deserteur, deen op der Plaz war. Den 9. September gëtt jo nach ëmmer grouss zu Péiteng gefeiert. Du war fir eis de Krich eriwwer, just dass d'Preisen nach déi Sauerei do uewen am Éisleck gemeet hunn, d'Rundstedt-Offensive. Déi Dausende vun Zaldoten, déi do nach gefall sinn! Dat war pure Wahnsinn.

## Kanéngercher, Schof, zwou Geessen …

Dat Joer drop, fënnefavéierzeg, am Juni sinn an der Belsch erëm déi éischt Coursë gefuer ginn. Ech hunn zu mengem Papp gesot: „Wéi ass et, gëss de mär de Kascht bis den Hierscht. Ech wëll probéiere fir Coureur ze ginn." Wann et net gaange wier, hätt ech jo erëm kënnen zréck op d'Eisebunn goen, wou ech geschafft hat, ier ech agezu si ginn.


„Kee Probleem", sot mäi Papp. „Du weess jo, dass mär 6 Ar Gaart hunn, a Kanéngercher. Wann s de dat méchs, da kann s de Vëlo fuere bis den Hierscht."

Ech hu mech ëmmer gäre mat Déieren ofginn. Mär haten, wéi gesot, an déi fofzeg Kanéngercher. Ech hat „Deutsche Riesen-schecken". Dat sinn déi wäiss, mat dem schwaarze Stréch vum Kapp bis zum Schwanz aus. Den Aalstréch nennt een dat. An dann hu se „Backenpunkte", lénks a riets e schwaarze Punkt. Ech war esouguer mat deenen op d'Ausstellung gaangen. Dann hat ech jo zwee, dräi Schof, an eng Zäitlaang zwou Geessen. Et war scho bal eppes ewéi e klengt Bauerewiesen.



◀ Den 9. September 1944: Péiteng ass fräi. Uewen um Tanks, den Diederichs Néckel

▼ Seng Bouquete leet de Bim beim Monument vum „Gefalenen Amerikaner“ nidder







## Si c'est Bim, d'accord!

Ech hat eng Adresse aus der Province du Limbourg an der Belsch. Ech sot zu Benke Riki, eisem Sekretär vum Vëlosklub: „Schreif dohinnen, fir dass mär do kënne fueren! An dass mär eis 'frais de déplacement' kréien." Déi Zäit gouf et nach kee Fax an näischt. Du hat de Riki geschriwwen, an du hunn déi geäntwert: „Jean Diederich, inconnu. Si c'est Bim, d'accord!" Esouvill war ech du iewer scho bekannt.

Et waren dräi Coursen, eng zu Housse an zwou zu Tongres. De Poirés Marcel ass matgaangen. Samschdes mueres hu mär eis op de Wee gemeet: de Rucksak op de Réck, op de Vëlo a lass. Et waren 165 km bis dorobber. Mär sollte bei engem Metzler logéieren. Du si mär dann zu Housse ukomm a bei de Metzler an den Haff gaangen, en Eemer Waasser geholl an eis gewäsch. An op eemol war d'ganz Duerf do.

„D'où venez-vous?"

„Mais du Luxembourg."

„Vous êtes fous de faire ça une journée avant la course!"

Ech sot: „Nous sommes durs comme du cuir. Nous avons fait la guerre, nous étions déserteurs. Et demain nous ne serons pas loin du premier." An esou war et. De Bim huet deen aneren Dag mat sechs Minutten Avance zu Housse gewonnen.

Owes hu mär dunn nach e wéineg mat de Jonge gefeiert. Et war d'„Fête de la guingette", esou hu se dat genannt. Se haten en Zelt opgeriicht. Allegueren déi Prisonnéier aus der Géigend, déi aus der preisescher Gefaangenschaft heemkomm sinn, déi sinn do empfaange ginn. Ech hat e Liter Quetsch fir d'Jonge matgeholl. Mär selwer hunn awer kee gedronk. Owes ware mär e wéineg mat e puer vun hinnen

zesummen, du si mär schlofe gaangen, an deen aneren Dag si mär op Tongres gefuer, drësseg Kilometer méi wäit. Do hu mär am Café Van der Smissen logéiert. Dat weess ech nach auswendeg.

Ech hat d'Schëld vum Café gelies, an du kënnt esou e schéint Meedchen op d'Dier, an ech hu gefrot:

„C'est ici que les coureurs luxembourgeois sont logés et nourris?"

Du seet dat zu mir: „Kann niet verstan!"

A, duecht ech, hei si der bei de Flamänner, an du sot ech:

„Is dat hier waar de luxemburger renners kunnen slapen en eten?"

„Ja, kom binnen!" huet hatt gesot.

An du si mär du mëttes direkt do Course gefuer. Ech si platt ginn, mä mäi Kolleg, de Poiré war den 3. ginn. An owes hu mär do geschlof. An deen Dag drop war erëm eng Course. Ech si gutt gaangen, mä se hu mech am Sprint gewichst, an ech sinn den 3. ginn.

Du koumen d'Leit, déi d'Coursen an der Géigend do organiséiert hunn, bei mech, an du hunn déi gesot:


„Monsieur Diederich, vous revenez? Vendredi, samedi et dimanche. On vous payera le train, on vous donnera la nourriture et vous aurez même une prime de départ."

Du sot ech zum Poiré – en ass ëmmer scho fofzéng, zwanzeg Joer dout –, du sot ech zu deem: „Elo fiert de Bim nëmme méi Course!" An esou war et.

Ech sinn du och eng Kéier am Frankräich gefuer, zu Lure an der Haute-Marne. Du ware mär mam Zuch gefuer. De Poirés Marcel war erëm mat, an de Jacobse Roger. Deemools hat den De Gribaldi gewonnen, dat war déi Zäit e gudden Indépendant. Et war e räiche Jong, an herno war et en dichtege Mann. Zu Besançon hat en e grousst Geschäft mat Vëloen, mat Miwwel an alles. En hat säin eegene Fliger. E war herno nach Directeur sportif vun enger Equipe, an du ass e mam Auto leie bliwwen.

Am August fënnefavéierzeg hunn ech eng Course op Bel-Air gewonnen. Ech war den éischte bei den Indépendants, a mäi Brudder, eisen Néckel, hat bei de Cadets gewonnen. Am Sport stung deemools: „Diederich II und Diederich I, Sieger auf Bel-Air.“ An am September, datselwecht Joer, hat ech schonn en Artikel an der ‚Meuse’: „Une interview de Jean Diederich, le grand espoir luxembourgeois.“ Do si schonn all meng Coursen opgezielt, déi ech virdru gewonnen hat. Ech hat fënnefavéierzeg 8 Course gewonnen, an ech war siwemol den 2..

## 1946: Den 2. am Tour de Lëtzebuerg …



▲ De Briek Schotte

Sechsavéierzeg sinn ech du fir d’éischt den Tour de Lëtzebuerg gefuer. Ech war houfreg, dass se mech matfuere gelooss hunn. Ech war jo eréischt Indépendant déi Zäit. Dat waars de, iers de Profi gi bass. An du sinn ech am Tour direkt den zweete ginn. De Briek Schotte huet mech gewichst, ee Mann, dee schonn dräi Joer Profi war. Ech hunn no Punkte verluer. Et war domm gaangen: D’Arrivée war zu Esch um Gaalgebierg, um Folas-Terrain. Ech war den éischten am Stadion, mä ech hat vergiess, dass nach misst eng Ronn gefuer ginn. An ier ech dat kapéiert hat, war de Schotte laanscht. Am Generalklassement ware mär zäitgläich, mä hien huet no Punkte gewonnen. Ech hu mech misse mat der zweeter Plaz zefridde ginn.

De Briek Schotte ass nach haut e gudde Kolleg. En ass net méi gutt drop. En huet eng nei Nier agesat kritt, mat 83 Joer. Et geet net méi richteg. De Schotte, dat war en Haarden. Dat war deen häertste Flamänner, deen ee sech ka virstellen. Deen huet eng dréche Kuuscht um Guidon gepresst an iwwert dem Fuere giess.

E puer Deeg nom Tour de Lëtzebuerg sinn ech am Frankräich gefuer, de „Grand Prix du Maine Libre". Dat war an der Géigend vu Le Mans, do wou déi grouss Autos-Coursen ëmmer sinn. Et waren dräi Etapen. Ech war all Dag mat vir derbäi, an ech sinn den 3. am Gesamtklassement ginn. De Goldschmits Jang hat onheemlech Pech an där Course. Dat hu se och an den Zeitunge geschriwwen. En hat missen opginn. An de Poirés Marcel war de 14. ginn.

Du waars ganz op dech gestallt déi Zäit. Ech hat just e Vëlo kritt vum Klensch vu Miersch, eng Helyett. An déi hunn ech no der Course missen erëmginn. Du hues de Vëlo gestallt kritt, an e puer Boyauen. Suen hues de net vill ze gesi kritt, heiandsdo eng Prime vu 50 Frang. Ech war aarm ewéi Job. Sechsavéierzeg sinn ech zesumme mam Goldschmit vill Course gefuer, a mär hu gutt Resultater gemeet.

## Den Tour de Catalogne, duerno op Palma ...

Ech war dat Joer och am Tour de Catalogne, néng Etapen. Deen Tour gëtt nach haut gefuer. Dat war Ufank September. Do hat ech op en Hoer déi éischt Etape am Mont Juich gewonnen. Dat ass dee Bierg zu Barcelona, wou de Championnat du Monde emol war. De Juliano Berendero war den 1. ginn. Ech hunn nach eng Foto vun deemools. De Goldschmit ass mat drop, an de Rische Fons, de Journalist. Dat war deen, deen eis dat an d'Rei gemeet hat, dass mär konnte fueren. Ech war den 12. am Generalklassement, an de Goldschmit den 9.